Lëtzebuerg, den 1. Mäerz 2026

***Léif Frënn vum Naturmusée***

Uschléissend un **d'Assemblée Générale v**un eisem Veräin, Dënschdes de 24. Mäerz um 18.00 Auer, sidd der häerzlech invitéiert op de

**Virtrag** :

**Wëllplanzen fir d'Biodiversitéit am naturnoe Gaart ze ënnerstëtzen**

*vum Vanessa Duprez, Landschaftsarchitektin, zoustänneg fir d'Aarten- a Biotopschutzpläng, an d'Saatguttproduktioun vu Wëllplanzen beim SICONA*.

Grad elo am Mäerz fängt dobaussen am Gaart déi nei Saison un; Zäit fir sech Gedanken ze maachen, ze plangen, a villäicht eppes Neits auszeprobéieren.Villäicht awer och Zäit fir sech Gedanken ze maachen, ob ee säi Gaart oder Balcon net méi naturno an insektefrëndlech kënnt gestalten.



Zanter e puer Joer schonn verfollegt de SICONA, zesumme mam Naturmusée, e Projet fir eenheemescht Saatgut an eenheemesch Stauden ze vermeeren. A sengem Virtrag stellt d'Vanessa Duprez eis d'Geseems- a Staude-Produktioun vum Wëllplanzesom vir a beschreift wat fir e Som a wat fir Planze fir wou geeegent sinn. Hat weist eis wéi ee virgeet fir eng Blummewiss oder e Wëll-Staudebeet unzeleeën, an erkläert och ganz Allgemenges zum naturnoe Gaart (wat fir Blummen si gënschteg fir Insekten, wat fir net, wat gëtt et fir Alternativen ......

An et bleift ganz sécher och nach Zäit fir Är Froen zum Thema.

Uschléissend un d'Assemblée Générale an de Virtrag invitéiere mer Iech op e Patt.

**Umellung per Mail erwënscht op info@amnhn.lu *bis spéitstens de 19. Mäerz.***

Mat beschte Gréiss vum ganze Conseil d'Administration

Geneviève Faber, Sekretärin

**Amis du Musée national d'histoire naturelle a.s.b.l. -25 rue Münster - L – 2160 Luxembourg tel.(+352)462233-1 – info@amnhn.lu - IBAN LU53 1111 0746 5259 0000 - www.amnhn.lu**